# Mediensplitter

## Eng Lieweslige manner

*Den Evangelesche Pressedéngscht, ofgekierzt* **epd**, *as déi eelsten Neiegkeetenagence an Däitschland. Si gouf 1910 zu Berlin gegrënnt a gët vun der Protestantescher Kierch gedroen. Obschons et sech also em eng konfessionell Agence handelt, genéisst si en héijhe Prestige an der Mediëbranche. Viru kuerzem krut den Image vum epd allerdéngs en zimleche Knacks. Dunn huet d'Agence missen zougin, datt hier Roll während dem Nazi-Regime nët ganz esou glorräich war, wéi si bis elo ëmmer behaapt huet.*

Den Evangelesche Pressedéngscht schreift nët nëmmen iwwert aktuell Kierchefroen. Am Konträr, déi am ganzen 80 festengagéiert Redakteren produzéieren och 5 Brancheblieder. Déi liwweren enger interesséierter Fachwelt Hannergrondinformatiounen aus de Beräicher Medien, Film, Entwécklungspolitik, Soziales an Dokumentatioun. D'Renommée vun all dësen Déngschter as bemierkeswert. Wie fir den *epd* schreift, gët gelies a ka sech an deene relevante Kreesser en Numm maachen. Aus eegener Experienz kann ech doriwwer eraus soen, datt ech ni esouvill intellektuell Fräiheeten hat wéi a méngen Artikelen fir d'Fachblad *epd*-Medien. A wann e Redakter ugeruff huet, well en e Problem mat engem Passage am Text hat, dat war et mat zimlecher Sécherheet zum Gudde vum Auteur, deem e Flüchtegkeets- oder e gedankleche Fehler ënnerlaf war.

Elo awer krut d'Succes Story vun der eelster nach existenter däitscher Agence en Touffer. De 24. Juni huet den *epd-Medien* eng Spezialnummer publizéiert. Eenzegt Thema vun dësem Heft war d'Geschicht vun der Gesamtentreprise *epd* ënnert der Herrschaft vun den Nationalsozialisten. Bis elo housch et, den *epd* wäer 1937 vun den Nazië verbuede gin. Dës Behaaptung as elo revidéiert an als Legend entlarvt gin. Opgestallt hat si de fréiere Chefredakter Focko Lüpsen nom Zweete Weltkrich, wéi et drëms goung, eng nei Lizenz vun der britescher Militärreejhirung ze kréien.

**Beim epd geet et em eng fräiwëlleg Revisioun. Duerfir deet si besonnesch wéi. Moralesch, par konter, deet si dem epd gudd.**

Ee Joer laang huet den Zeitungsspezialist vun *epd-Medien*, de Volker Lilienthal, an Archiver recherchéiert a mat Zäitzeie geschwat, fir zu dësem battere Resultat ze kommen. Am meeschte staunt een, wann ee liest, datt de Lilienthal absolut kee Problem hat, fir d'Blieder vun no 1937 erëmzefannen. Tatsächlech gouf d'Editioun A fir d'allgemeng Dagespresse de 5. Mee 1939 zougemaach an d'Editioun B fir d'Kierchenorganer souguer eréischt de 14. Mee 1941, also matzen am Krich. De Lüpsen, deen 1933 de Poste vum *epd*-Chefredakter iwwerholl hat, huet séng Legend fir d'éischt 1949 publizéiert, an zanterhier huet kee Mënsch si a Fro gestallt. Och a wëssenschaftleche Bicher as si schéi brav bis haut ofgeschriwwen gin, ouni datt ee Fuerscher mësstrauesch gi wäer an d'Saach iwwerpréift hätt.

De Gronn, aus deem den *epd* 1941 definitiv zougemaach gouf, hat absolut näischt mat sénger politescher Attitüde ze din. Et war eng reng krichsekonomesch Decisioun vun den Naziën: de Pobeier gouf ëmmer méi rar, an also huet misste gespuert gin. Well wéi de Volker Lilienthal weider beim Bliederen an deenen alen Hefter erausfonnt huet, huet den *epd* sech an den Déngscht vum NS-Staat gestallt. Et wäer zwar keen zweete *Stürmer* gewiescht, schreift de Journalist, mee speziell nodeems de Lüpsen am Juli 1940 agezu gouf, huet sech d'Propaganda radikaliséiert. An der leschter Editioun vum 14. Mee 1941 steet beispillsweis: „Das Geheimnis der deutschen Erfolge liegt in der stärkeren geistigen Idee, für die der deutsche Soldat marschiert. Der deutsche Soldat ist der Bannerträger einer neuen Zeit, die heraufsteigt und nicht aufzuhalten ist."

Enttäuscht stellt de Lilienthal fest, den *epd* hätt deemols keng Distanz zum Regime gewisen, déi sech aus dem chrëschtleche Glawe geniert hätt. Mee virun allem bedauert hien, datt den *epd* deemols d'Geleënheet gehat hätt, sech aus der Dagespolitik erauszehalen a sech op déi reliéis Iwwerzeegungen ze limitéieren. Leider wäer déi Chance verpasst gin, a leider huet et méi wéi

60 Joer gedauert, bis een hannert dës Lieweslige komm as. Mee ëmmerhin huet den *epd* se selwer opgedeckt, anescht wéi am Fall vum Mediëkonzern Bertelsmann.

Och dëse Verlag huet 1835 mat reliéise Publikatiounen ugefaangen. Och hie gouf am Krich (1944) vun den Naziën zougemaach, awer nët, wéi d'Zentral zu Gütersloh ëmmer verséchert huet, wéinst sénger Oppositioun zum NS-Regime, mee ënnert anerem wéinst Pobeier, deen d'Bertelsmänner sech op eng dubios Art a Weis organiséiert haten, nodeems dee rationéiert gi war. Well bis dohinner hat de Verlag eng 20 Millioune sougenannte „Landser"-Heftercher, also Krichs- a Propagandaliteratur, gedréckt — a verkaaft. Wéi dës Geschicht 1999 opgeflunn as, huet Bertelsmann huerteg eng onofhängeg historesch Kommissioun agesat. Et däerf een dës Initiativ getrouscht als en Zougeständnis un d'amerikanesch Geschäftspartner gesin.

Beim *epd* geet et em eng fräiwëlleg Revisioun. Duerfir deet si besonnesch wéi. Moralesch, par konter, deet si dem *epd* gudd.

PS: D'Spezialheft mat dem Volker Lilienthal séngem ganzen Artikel „Lüpsens Legende. Ende einer Zwecklüge: das angebliche NS-Verbot des epd 1937" mat weideren Dokumenten kann een aus dem Internet gratis eroflueden: *www.epd.de/medien/692_3112.htm*

*(Fräie Micro um* **honnert,7** *vum 10. Juli 2002)*